



Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8008 vun den éierbaren Deputéierten André Bauler an Gusty Graas

1. Wéi vill Betriber setzen och nach haut nach heiheem op Weedmëllech? Wat ass hiren Undeel an der Mëllechproduktioun?

87 Betriber hunn am Agrar-Emwältprogramm „Weidegang von Milchkühen“ 2022 mat enger Gesamtzuel vu 5.994 Mëllechkéi matgemaach. Dat sinn ongeféier 11% vum nationale Mëllechvéibestand.

Mat der Upassung vum Agrar-Emwältprogramm „Weidegang von Rindern“ am Kader vum neien Agrargesetz / Plan stratégique ass d'Zuel vun de Betriber, déi dëse Programm fir hir Mëllechkéi ugefrot hunn, ob 329 Betriber geklommen. De Succès vun der neier „Weideprämie“ erkläert sech doduerch, dass déi nei Weideprimm méi flexibel gestallt ass a punkto Weidegang. Déi Flexibilitéit ass noutwendeg fir dem Klimawandel Rechnung ze droen. Déi 329 Betriber hunn eng Gesamtzuel vun 22.154 Mëllechkéi. Dat stellt 40,5% vum nationale Mëllechvéibestand duer.

Laut engem Recensement vun 2020 gesäit et a punkto Weidegang bei de Mëllechkéi wéi folgend aus:

	Weidehaltung				Ganzjäreg Stallhaltung
	1-5 Stonnen / Dag	5-12 Stonnen / Dag	12-20 Stonnen / Dag	Ganzen Dag	
Mëllechkéi	4.364	13.996	5.810	7.982	21.642
Undeel (%)	8%	26%	11%	15%	40%
Unzuel Méint	5,82	6,20	6,72	6,07	

2. Ënnerstëtzt de Ministère spezifesche Projekter, déi nees méi op Weedmëllech setzen?

Nieft dësem Agrar-Emwältprogramm ënnerstëtzt de Ministère och am Beräich vun der Fuerschung Weedprojet'en wéi beispillsweis den EIP-Projet „MéiWeed“. Hei geet et drëms fir d'Prognosmodeller ze erstellen, fir de Graswuesstem an de verschiddene Regiounen vum Land virauszeschätzen, fir esou dem Betrib eng Hëllefstellung bei sengem Weedmanagement ze ginn. Och an der Vergaangenheet sinn divers Initiativen a Projeten ënnerstëtzt ginn, fir d'Grénglandhaltung an d'Weedhaltung ze fërderen. An der Berodung besteet och ee Module „Prairie permanente et temporaire“, deen zu 80% vum Landwirtschaftsministère kofinanzéiert gëtt. Ausserdeem ass d'ASTA zoustänneg fir d'Duerchféierung vu Grénglandversich. Och ënnerstëtzt de Ministère mat Hëllef vun Investitiounsbeihëlfefferen déi néideg Infrastrukturen, déi erfuerderlech sinn fir de Weidegang vu Mëllechkéi ze fërderen, wéi beispillsweis d'Opriichte vu Weedzénk, Weeddiren, d'Ulee vu Weedweeër etc.

Aktuell gëtt zu Lëtzebuerg awer keng Mëllech produzéiert, déi als Weedmëllech ausgewisen ass. De Bio-Mëllechsektor mat der Obligatioun fir Weidegang kënnt deemno dem Konzept vun der Weedmëllech am noosten.

3. Ginn et Qualitétsënnerscheeder tëschent Weedmëllech a Stallmëllech?

Et ginn eng Rei vu wëssenschaftlechen Aarbechten, déi Qualitétsënnerscheeder tëschent Weedmëllech a Stallmëllech ënnersichen. D'Qualitéit vun der Mëllech gëtt staark iwwert d'Fidderung beaflosst. Eng grénglandbetounte Fidderung huet ee positiven Impakt op den Undeel u gesonde Fettsaieren. De Gehalt vun Omega-3-Fettsaieren an der Mëllech vu Kéi, déi haaptsächlech Gras friessen, ass däitlech méi héich wéi dat bei enger Mais- a Kraaftfudderbetounte Stallfidderung de Fall ass. Omega-3-Fettsaieren hunn ee positiven Impakt op d'Gesondheet vum Mënsch (Häerz-Kreeslaf-Erkrankungen).

4. Gëtt et eng genee Definitioun vun deem wat präzis ënner Weedmëllech ze verstoen ass?

Déi Bezeechnung „Weidemilch“ ass aktuell net liewensmëttelrechtlech gereegelt. Et muss séchergestallt sinn, dass all fakultativ Angab op engem Produkt den Ufuerderunge vun der allgemenger Etiquetage-Gesetzgebung (EU-Reglement 1169/2011) entspreche muss, an de Konsument net getäuscht gëtt. An Holland an an Däitschland beispillsweis ginn et verschidde „Weidemilch“-Labelen. Wéi vill Zäit eng Kou op der Weed muss gehale ginn, fir dass d'Mëllech als Weedmëllech ka bezeechent ginn, ass ëmstridden. Als allgemeng Orientéierung gëllt awer, dass d'Kéi mindestens 120 Deeg am Joer während mindestens 6 Stonnen op der Weed solle gehale ginn, an dass dës Krittären och mussen transparent op der Mëllechpackung ausgewise ginn. Den Agrar-Ëmweltprogramm „Weidegang von Rindern“ zu Lëtzebuerg fuerdert, dass d'Kéi mindestens während 5 Méint während 6 Stonnen am Dag am Zäitraum vum 15. März bis de 15. November op der Weed gehale musse ginn. Soumat wär dës Agrar-Ëmweltmoosnam eng gutt Basis fir och zu Lëtzebuerg eng Weedmëllech anzeféieren.

Lëtzebuerg, de 16. Juni 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN